

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Verschidden EU-Länner wéi Däitschland an Éisträich hunn am November eng däitlech Iwwerstierflechkeet opgewisen. Eng wëssenschaftlech gesécherert Erkenntnis zu den Ursaache läit nach net vir. E Phenomen, deen zu Lëtzebuerg zum Beispill am Wanter 2016/17 ze beobachte war, deen déi deemoleg Regierung op déi saisonal Gripp zeréckgefouert hat. An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 2697 vum 25. Januar 2017 ass dozou ënner anerem dat hei ze liesen: *“L'inspection sanitaire de la direction de la Santé suit le nombre hebdomadaire de décès, et a constaté que ce nombre est passé d'une moyenne hebdomadaire d'environ 80 décès, à environ 120 décès par semaine à la mi-janvier 2017. Ce phénomène est constaté tous les ans lors de l'épisode grippal. Le surplus de décès survient principalement auprès de personnes ayant des problèmes de santé graves et qui se trouvent en fin de vie”.*

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Huet Lëtzebuerg an de Méint September bis November 2021 och eng allgemeng Iwwerstierflechkeet opgewisen? Wa jo, wéi eng potenziell Erklärunge leie bis lo vir?
- 2) Kann d'Madamm Minister déi absolut Zuele vun de Stierffäll vun de Joren 1990 bis 2020 matdeelen a wéi engem Prozentsaz a Relatioun zu der Zuel vun den Awunner déi jeeweileg Donnéeën entsprechen? Kann d'Madamm Minister preziséieren, op wéi eng dräi Méint de Pic vun der Stierfzuelen all Joers entfall ass a während wéi engen dräi Méint dës Zuelen am niddregste louchen?
- 3) Kann d'Madamm Minister fir all Joers déi fënnef heefegst Doudesursaache preziséieren?
- 4) Kann d'Madamm Minister fir all Joers den Duerchschnittsalter vun der Bevëlkerung an den Duerchschnittsalter vun de verstuerwene Leit preziséieren?
- 5) Kann d'Madamm Minister onofhängeg vun de Resultater vun der Fro dräi fir all Joer matdeelen, wéi vill Leit un der Gripp, wéi vill un enger Erkrankung vun den Otemweeër a wéi vill un enger Erkrankung vun de Longe oder engem Zesummespill vun dese Fakte gestuerwe sinn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten